

Bezug: Ohne

Betr.: Meldung über unerlaubte Entfernung/Fahnenflucht des
Kan. G i l l e n , Roger

Der

Ortspolizeibehörde

E t t e l b r ü c k /Luxemburg



M e l d u n g .

Der Kan. Roger G i l l e n wurde von der Batterie für die Zeit vom 21.12.43 n.D. bis 7.1.44 06.30 Uhr nach E t t e l b r ü c k , Luxemburg, Woekenerstrasse 91, beurlaubt. Da er im Laufe des 7.1.44 nicht bei der Batterie eintraf, sandte die Batterie am 8.1. ein Telegramm an die Wehrmachtskommandantur in Ettelbrück/Luxemburg mit der Bitte um Feststellung des Verbleibs des G. Da bis zum 12.1.44 dieses Telegramm unbeantwortet blieb, wurde noch am gleichen Tag ein zweites Telegramm nach dort gesandt, worauf bis heute noch keine Antwort zurückkam.

Personalien:

Zu-und Vorname:

G i l l e n , Roger, Richard

Dienstgrad:

Kanonier

Truppenteil:

Marschbatterie/Stg.Ers.u.A.A.(mot)
Schweinfurt

Standort:

Ersatztruppenteil:

Stg.Ers.u.Ausb.Abt.(mot)200
Schweinfurt

Diensteintritt:

24.5.43

Geb.-Ort-und Datum:

W o e k e n /Diekirch/Luxemburg
21.1.24

Letzter Wohnort vor Eintritt
in die Wehrmacht:

Ettelbrück, Woekenerstrasse 91

Urlaubsanschrift:

Ettelbrück, Luxemburg, Woekener-
strasse 91.

Ist Flucht ins Ausland zu
vermuten:

unbekannt

Besondere Zusätze für Spionage-
verdacht:

nichts bekannt

*M. J. Schmitz
vom 13.1.44*



f 7.6.1996

Vun der Rott an d'Direktioun

E puer Gedanken iwwer den Eisebunner a Mënsch Roger Gillen



Wann en härengugde Mënsch sech aus eegener Kraaft an Intelligenz vum ënneschten Trepplék vun der Eisebunns-hierarchie, vun der „Rott“, bis an d'Direktioun eropgeschafft huet, da verréit dat aleng schon eng souzesoen eemoleg Liewesleeschtong an eng ganz außergewéinlech Personalitéit. Onerwaart, stëll an eleng huet hien eis verlooss, de Roger Gillen. Eist Häerz huet mat eisen Aae gekrasch. Mee et geet net domatt dur. Et muss och alle Leit gesot gin, wat de Gillens Rosch fir e grousst Viirbild fir eis all war, an datt hien dat Viirbild fir di méi jonk Leit weiderhin soll bleiwen.

De Roger Gillen hat, wi et deemols geheescht huet, zwar „eng gudd Léier, awer keng Schoule gemach“, nëmme séng Primärschoul, an dun huet hie musse schaffe goën. E koom bei der Eisebunn an d'Rott. Hien as opgefall weint séngem Sérioux, séngem Asaaz, sénger Intelligenz. Ënner den Arbechter, deenen hien ëmmer e gudde Komerod war, huet hie sech würtwiltlech vun der Pioche eropgedéngt, huet en Exame gemacht, koom a séng Heemechtsstad Ettelbréck an de Schalter. Examen em Examen huet hie gepackt an ëmmer méi héich Responsabilitéiten iwwerholl, bis hien vun 1971 un als Inspektor fir eng Divisioun matverantwortlech gouw an do bis zu sénger Pensioun am Joër 1980 geschafft huet.

Dertëscht war hien am Krich vun de Preisen agezu gin, koom un d'russesch Front an de Partisanekrich, als Fernmelder an als Chauffeur (ouni Führerschäin) op engem Kamion. Sāi Fronturlaub doheem zu Ettelbréck huet hien op der Eisebunn zu Enn bruecht: de Rosch as, amplaz hannescht un d'Front ze fueren, a voller Uniform um Quai an en eidelt Kompartiment erageklomm an heemlech durch di aner Dir erëm op der hënneschter Sāit eraus, as mam Gewier um Bockel wi e Wuechtzaldot queesch iwwer d'Gleiser gaang, a weider queesch durch d'Wasser vun der Uelzecht. Di aner Sāit huet hien die naass Uniform aus- an dréchen Zivilkleeder ugedo a sech zu Fouss nuets durch d'Bëscher bis op Feelen durchgeschlo, wou hie fir d'éischt, an herno an engem Bunker bei Welschent verstoppt war.

ouni Führerschäin blouw de Roger Gillen sāi Liewe laang

en echten Eisebunner. Mat sénge Frënn Carlo Hemmer an Ed Nicolay hat hien en Häerz fir d'Natur a fir d'Kultur, huet Mount fir Mount mat hinnen sāin „Äishellegen-Tour“ gemaach, de Schéinheete vum Land a vum Liewen no, mat waakregem Sënn fir alles, wat sech op der Welt esou deet. „Le Monde“ war grad wi eis Lëtzebuerger Press séng deeglech — a grëndlech! — Lektür, mat séngem diskreten, opmierksame Geescht fir di verschlonge Wéer vun der Politik, souwuel heiheem, wéi an der ganzer Welt.

Mat Freed an Opmierksamkeit huet hien och dat kulturellt a sozialt Liewe vun eisem Land verfolgegt. En hat e Sënn fir eis Literatur, fir Konscht a Wëssenschaft. En hat en Häerz fir d'Mënschen, och a besonnesch fir di vum Liewe Gestrooft. Zu Givenich war hien, grad wi sāi Frënd Ed Nicolay, deen do um Haff gebuer as, e gār gesinne Gaascht. Hätt de Mann mat der Séissel net agegraff, wāren si zwee mëttwochs drop erēm op Givenich spazéiert.

Am Krees vu sénger Familjen war hien grad esou e liichtend Viirbild, wi am Versuerge vu séngem schéinen, vun ënne bis uewen gréng bewuessenen Haus, an dat hie sech a sénge stëlle Stonnen als Bicherwurm a Bewonnerer vu klenge Schéinheeten zeréckgezunn huet.

Zënter 1989 huet de Roger Gillen an der „Fondatioun Carlo Hemmer“ vun de Lëtzebuerger Jugendherberge gehollef, séngem Frënd séng Ierwschaft ze verwalten a richtig unzebréngen. Am Grupp vun de „Frënn vun Carlo Hemmer“ as hien dacks mat eis iwwer Bierg an Dall gezunn, mat ville Frënn och Männer vu Givenich, déi hien mat eis bei séch doheem empaang huet.

Frëndschaft a Frëndlechkeet hu sāi Banneliewe begléckt. Mat Gott an der Welt am Friden huet hie geliewt. Et as eis, wi wann hien och e Präis verdingt hätt, grad wi di zwee vun sénge Frënn, den Alex Jacoby an de Vincent Theis, déi, wi de schlëmme Zoufall et wollt, grad dun mat héige Präisser ausgezechent gouwen, wie hie gestuerwen as an net méi derbāi konnt sin.

Mir wāerten de Roger Gillen als Viirbild an Éieren halen. Sénger Famill eist hārzlecht Bāileed!

Les Amis de Carlo Hemmer

Année
Malgré
tout

bonne nuit